PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand & Wirtschaft weiderzeleeden.

Wéi am Magasinn vun der HORESCA ze liesen ass, konnt d'Federatioun d'Budgetsjoer 2020 mat engem Plus vu 75.000 Euro ofschléissen, an dat obwuel eng ganz Rei Memberen am Joer 2020 net cotiséiert hunn, wéinst der schwéierer wirtschaftlecher Situatioun opgrond vum Covid-19. Erkläert gëtt den erstaunleche Surplus duerch Ënnerstëtzunge vu Säite vun der Chambre de Commerce an dem Mëttelstandsministère.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mat wéi vill Euro huet de Mëttelstandsministère d'HORESCA am Joer 2020 finanziell ënnerstëtzt?

2. Waren d'Ënnerstëtzungen zweck- an zilgebonnen oder huet et sech ëm Subside gehandelt, déi d'HORESCA fräi verwende konnt?

3. Falls d'finanziell Ënnerstëtzungen zweck- an zilgebonne waren, fir wéi eng Ziler goufe Subsiden ausbezuelt a wéi héich waren se jeeweils?

4. Ass fir d'Joer 2021 och virgesinn d'HORESCA finanziell ze ënnerstëtzen?
   Falls jo, wéi vill Euro sollen ausbezuelt ginn a fir wéi eng Zwecker?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député